piraten.lu

N° 4068
Entrée le 07.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Fir Persoune virun der Aarmut ze schützen, existéiert zu Lëtzebuerg ee Sozialsystem mam REVIS. Fir de REVIS kënnen ze kréien, muss eng Persoun verschidde Bedingungen erfëllen. Eng Persoun kann een de REVIS och reduzéiert oder gestrach kréien, wann si aner Revenue kritt. Fir Leit, déi zum Beispill Präsenzjetongen aus engem Gemengerot oder anere Mandater kréien, stellt sech d'Fro, wéi dës Zousazakommes bei der Berechnung vum REVIS berécksiichtegt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Zielen d'Präsenzjetongen aus de Gemengerotssitzungen oder anere politesche Mandater als Revenu am Sënn vum REVIS-Gesetz a ginn dës fir d'Berechnung vum REVIS a Betruecht gezunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés